




LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 27 FEV. 2019



Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N° 186 du 11 janvier 2019 de l'honorable député Monsieur Georges Mischo, concernant la gratuité des transports, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
op d'Ufro n°186 vum 11. Januar 2019 vum Här Deputéierte Georges Mischo**

Mat sénger parlamentarescher Fro hätt den Här Deputéierten gären Informatiounen iwwer d'Répercussiounen vum gratis ëffentlechen Transport op de Busservice vum TICE an aner gemengenofhängeg Busservicer.

Fir den TICE wäert de gratis ëffentlechen Transport keng weider Répercussiounen hunn. Finanziell wäert d'Feelen vun de Recetten, déi mam Billjeesverkauf gemach ginn, duerch d'Subventioun vum Stat kompenséiert ginn. Fir d'Personal (Verkauf a Kontroll) ännert och weider näicht, well dat Personal weiderhinn séng Aufgaben wéi Präsenz um Réseau, Informatioun fir de Client an Anhalen vun Propretéit an Uerdnung sollen ausféieren.

Verschiede Gemengen bidden och e Bustransport un, wouvunner d'Stad Lëtzebuerg natirlech, als eegestännegen Opérateur, de gréisste Bedreier vun engem eegene Réseau ass.

D'Stad Lëtzebuerg als Opérateur vun hirem AVL-Réseau huet jo décidéiert matzemaachen beim gratis ëffentlechen Transport. Op aaner Gemengen sech deem och lo uschleissen muss een oofwarden an am Kontext kucken, op den ëffentlechen Transport deen d'Gemengen lo schons ubidden, als Gemengenmissioun unerkannt gett, waat lo nach net de Fall ass. Dess Discussiounen faalen an d'Kompetenz vum Innenminister.

Di 3. Fro eriwregt sech vu dass keen Ausgläich virgesinn ass.

Den Opérateur TICE kritt séng Leeschtungen laut de Critèren vum RGTR bezuelt. Wéi am 1. Punkt erkläert, dréit den TICE also kee finanzielle Schued um gratis Transport. D'Stad Lëtzebuerg kritt den Ament d'Lignes coordonnées (dat sinn déi Linnen déi iwwer d'Grenz vun der Stad erausfueren) vum Stat komplett bezuelt, laut enger Conventioun Staat-Stadt Lëtzebuerg. Do ass d'Situatioun genee di selwecht ewéi beim TICE an wie bei all aner privat Busentreprise. Iwwer den eegene Réseau vun der AVL kann ech mech net äußeren.

De Staat an notamment den Transportminister ass souwisou haut zoustännech fir d'Organisatioun vum ëffentlechen Transport laut Gesetz vum 29. Juni 2004. Dëst Gesetz applizéiert sech awer net ëm den ëffentlechen Transport deen um Territoire vun enger Gemeng uegebuede gëtt. Zur eventuell zukünfteger Organisatioun kann ech soen, dass de Koalitiounsaccord folgendes virgesäit: « *Une analyse sera menée afin de déterminer si un établissement public est encore adapté pour organiser certaines missions dans le cadre des transports publics ou bien si une approche plus centralisée au sein du département des transports ne soit préférable afin d'augmenter l'efficacité et une meilleure cohérence dans l'organisation des transports publics.* » Effektiv ass de Wunsch do, d'Mobilitéit an den ëffentlechen Transport ënnert d'Lupp ze huelen an dementspreechend och d'Gesetz iwwer den ëffentlechen Transport vun 2004. Et ass de Moment awer nach ze fréi fir méi konkret Aussoen ze machen, vu dass déi Analyse eréicht gemaach gëtt.